

# Dem Elchi säin Newsletter

Léif Elchekanner,

den Elchi mellt sech mat den neisten News aus dem Schwarzwald zeréck.

## Réckbléck

35 Joer loossen sech scho weisen! Dat duecht sech och den Elchi, wéi hien all seng Frëndinnen a Frënn op Freiburg agelueden huet, fir mat him säi Gebuertsdag ze feieren. Vum 4. bis 6. November hu si e flotte Programm ënnerholl an dobäi och dat eent oder anert Mol op de SLUF ugestouss. Hie seet jidderengem Merci fir de schéine Weekend! 🥰

Den 9. November hu sech eis Erstien all tapfer steeë gelooss a si kruten do och hiert Erstibichelchen, Bis zur Daf am Fréijoer hu si elo Zäit d'Aufgaben doraus ze léisen. D'Stee selwer war en Owend voller Magie, esou schnell wéi eis Zaubermeeschter\*innen de Béier ëmmer nees verschwanne gelooss hunn.

## T-Shirt an Tricot: Zousazcommande

Momentan besteet nach ëmmer d'Méiglechkeet, sech en Trikot oder e 35-Joer-Sluf-Tshirt ze bestellen. Mir behalen eis allerdéngs vir keng nei Commande an Optrag ze ginn, wa mir net méi genuch Leit sollten zesumme kréien. Dofir maach dech elo schnell bäi a féll de Forms aus! 😊 Den T-Shirt kascht 20€ fir Memberen a 25€ fir Net-Memberen. Den Tricot krit een fir 35€.

<https://forms.gle/KrvBRsqPJ7yjDqJX7>

## Cafésrallye

Op eiser traditioneller Cafésrallye zitt dir duerch d'Alstad vu Café zu Café, beäntwert ënnerwee Froen a maacht divers Spiller an de verschiddene Pubs! 🍷🍺 Wann dir gäre bei eiser Rallye matmaacht, da mellst iech w.e.g. iwwert dëse Formulaire un:

<https://forms.gle/K8TLXcSP3k9wyoSDA>

Bezuele kënt dir entweder am Viraus oder den Owend selwer.

💰 Präisser:

- 20€ fir Memberen
- 25€ fir Net-Memberen

Treffpunkt ass um 19h um Bertoldsbrunnen, wou dir dann an är Gruppe gedeelt gitt.



## Pubquiz

Den 30. November sinn är gro Gehierzellen nees gefrot, well do organiséiert de SLUF déi nächst Oplag vu sengem Quizowend am Cheers! 🥳🥳 Ab 20 Auer gi Froen aus verschiddene Kategorië gestallt. Kommt laanscht a stellt är Intelligenz ënner Beweis - och onnëtz Wësse ka vu Virdeel sinn! A keng Angscht, roden ass natierlech och erlaabt. 😊🤔

Kommt w.e.g. fir 19h30 an den Cheers, fir datt mir pénktlech ufänke kënnen. D'Gruppe gi geloust. Umelle kënt dir iech iwwert folgende Link:

<https://forms.gle/icLF78esFvYUbWoi7>

Opgepasst: De Pubquiz organiséiere mir fir eis Memberen (a Suff-Touristen). Leit, déi nach kee Member sinn, kënnen awer nach ganz gären zum Elchekand ginn, andeems si den Owend selwer oder am Virus eng Memberskaart bei engem Comitésmember kafen. 😊



## Wanterhütt 2022

De Weekend vum 2. bis 4. Dezember 2022 ass erëm eis legendär Wanterhütt!! Iwwert dese Link kënt dir iech nach weiderhin fir d'Waardelëscht oder fir een Owend umellen:

<https://forms.gle/XNFfcpbWdZ5s5b3d8>

Freides kënt dir ab 18 Auer op d'Hütt kommen. Denkt drun äre Schlofsak an äert Kësse matzebréngen. Et sinn zwar Better an der Hütt, mee kee Bettgedecks. Dir kënt och gären Duschsaache matbréngen, wann der wëllt do dusche goen. Fir déijéineg, déi samschdes wëlle Schi fuere goen: Dir musst äert Material selwer matbréngen. Och ëm de Schipass këmmert de SLUF sech net, dat musst dir selwer organiséieren. Vergiesst och net är Schlappen!!! Mir dierfen net mat de Schong am Haus ronderëmlafen an de Buedem ass kal.

Fir ze bezuele, kënt dir eis entweder:

- eng Iwwerweisung maachen op: LU28 0019 5855 2238 5000
  - oder en Digicash op: +352 621 712 204 (Fabien Kohnen)
- mam Vermierk "Numm + Nonumm + Wanterhütt".

Am Fall, dass dir iech awer ofmelle musst, maacht dëst w.e.g. bis spëitstens den 30. November. All déi Ofmeldungen, déi nom dësem Datum kommen, kënnen mir leider net méi rembourséieren, wa kee méi op der Waardelëscht steet.

Hei nach e puer weider Informatiounen:

- Fir déi Leit, déi zwee Deeg do schlofen, sinn dat 80€.
- Fir déi Leit, déi nëmmen eng Nuecht do bleiwen, kascht dat ganz 40€.

- Fir déi, déi just do iessen, sinn et 15€ pro Owend.

Aus Plazgrënn hunn déi Leit, déi sech fir 2 Deeg umellen, Prioritéit.

Freides maache mir, Chili con/sin carne a samschdes Raclette. D'Gedrénks - ënnert anerem Béier a Glühwäin - ass am Präis mat dran. Och fir d'Frühstück wäert gesuergt sinn. Wann dir iech awer selwer nach eppes fir den eegene Bedarf matbréngen wëllt, kënnt dir dat roueg maachen.

De Weekend op der Hütt ass och jiddereen gebieden e bësse matzehëllefen, wann et ëm d'Raumen, d'Botzen an d'Kache geet. Déi Saache maachen mir deelweis scho samschdes. Sonndes moies gëtt dann den endgültege Fäischlëff gemaach. Um 12 Auer musse mir d'Hütt spëtstens verloossen.

Mir maachen och nach eemol e Post an d'Veranstaltung, fir ze klären, wien mat wiem dorobber fiert.

Wann dir soss nach Froen hutt, mëllt iech gäre bei engem Comitésmember.

Mir freeën ons scho mat iech a mam Elchi de Weekend e puer lëschteg Stonnen ze verbréngen.

PS: Hoffentlech hutt dir iech dëst Joer gutt geschéckt, well et erwaart iech och eng kleng Iwwerraschung.





## **Freiburger Bal**

SAVE THE DATE !!! ...well de SLUF invitiert iech op säin traditionelle Freiburger Bal.



 Wéini? Den 22. Dezember 2022 ab 22h

 Wou? An der Fabrik zu Miersch

Entrée ab 18 Joer  

 De Präis?

- Virverkaf: 7€
- Oweskeess: 10€

De Virverkauf kritt dir beim Sluf Elch iwwer Facebook an Instagram oder bei engem vun de Comitésmemberen.

Bis den 22. um Freiburger Bal, wann dir är Zauberkonscht ënner Beweis stelle kënnt, ganz nom Motto: Zaubers de Bal?! 🍷🍷🍷



### Intercercle-Radar

Datum	Intercercle	Umeldung
24.11.2022	AELK Badische Meile	<a href="https://aelk.lu/aktiviteit/104">https://aelk.lu/aktiviteit/104</a>

Fir weider Infoen zu den Intercercle frot einfach beim Comité no.

Hei de Kalenner mat allen Eventer. Leider huet d'Straba missten duerch de Karaoke ersat ginn. D'VAG léist d'Reservéierung vun engem Partywon nach ëmmer net wéinst Corona zou.

23. November	Cafésrallye
30. November	Pubquiz
2.-4. Dezember	Wanterhütt
14. Dezember	Chrëschtmaart
22. Dezember	Freiburger Bal
27. an 28. Dezember	Tournoi de Noël
11. Januar	Bowling
25. Januar	Karaoke
1. Februar	Assemblée générale

De **Stammdësch** fënnt **all Mëttwoch ab 20h am Cheers** statt.

Falls dir interesséiert sidd an enger vun eisen Equippe fir den Tournoi de Noël matzespillen, da mellst iech w.e.g. einfach bei eisem Sportminister, dem Maurice Thomé.

Haalt äert Gewei weiderhin schéi steif,  
Ären Elchi